

## **Generalversammlung vun de Jugendpompjeeën, de 14. Juni zu Hengscht**

Pénktelech um 19:30 gëtt duerch Begréissung vum Vetrieder vum CIS Klierf Generalversammlung op gemaach. De President vun der Regioun Norden, Frank Schmit, geet a senger Ried op Wichtigkeet vun de Jugendpompjeeën an, wéi och op de "Médico" bei de Pompjeeën en général.

Bei der Erëffnungsried vum President vun de Jugendpompjeeë begréisst hien all déi uwiesend Gäscht, dorënner den Alain Becker, Paul Schroeder, Marc Mamer, an alleguerten Éierepresidente vun der Jugend.

Beim Réckbléck op 2018 seet de President dem Ministère de l'Intérieur, der Direktioun vum CGDIS mat hire Aarbechter a der Pompjeesfederatioun Merci fir hir Ënnerstëtzung. Och de Leit aus dem Jugendausschoss, de Jugendleeder mat hiren Adjointen a Helfer an all deenen déi Verantwortung bei der Jugend droen, seet hien e grouse Merci. Hien ass och op de Symposium zu Budapest agaangen, wou 3 Jugendpompjeeën eist Land do vertrueden hunn.

Méi Participatioun gëtt sech säitens dem Jugendausschoss beim Nationale Concours gewënscht. Et geet dreems, dat méi Equippen un eisem Concours deel huelen dëst en Vue 2021 -> den Internationale Concours a Slowenien (Celje). Och op déi vill Aarbecht déi de Jugendausschoss zesumme mat de Verantwortleche vum CGDIS geleescht huet, ass de President a senger Ried agaangen (Themen: Ausbildung Jugendpompjeeën, Jugendleeder, "Médico", Uniform fir Jugend...). Vum Dag vum Rettungsdéngscht ass zeréckzebehalen, dat deen Dag aus der Siicht vun der Jugend e groussen Erfolleg war.

Beim Ausbléck op 2019 ass festzehalen, dat Zuele vun de Jugendpompjeeë liicht a loucht gaange sinn. De bevirstoenden Internationale Concours zu Martigny (Ch) war och een Thema.

De "Médico" net ze vergiessen, wou de President op Mësstänn agaangen ass. En Dag vir de Jugendpompjeeë soll organiséiert ginn, wou een déi Jugendlech soll froen, wei si Jugendpompjeeë vu muer gesinn.

De Bericht vum Sekretariat huet Eva Gessner vir gedroen, wou dorausser ervir gaangen ass, dat iwwer 20.000 Präsenze vun Jugendpompjeeën bei den Aktivitéite vun der Jugend present waren. Bei deenen 10 Wëssenstester, déi duerch Land ofgehale gi sinn, hu 341 Jugendpompjeeën hiren Test bestanen. Des Weideren hunn 25 Pompjeeën un engem Jugendleeder Cours deel geholl.

De Bericht vum Keessier huet den Nico Grisius fir gedroen an huet e positiv Tëschebericht virgeluecht. Hien ass och dorobber agaange, wei dat elo gëtt fir déi nei Jugenduniformen ze kréien.

De Patrick Juncker deen als Regional President vun der Regioun Norden opgehale huet, ass mat der Éiere Nol am Gold ausgezeecht ginn.

Den Alain Becker ass a senger Ried op d'Jugendaarbecht bei de Pompjeeën a op de "Médico" agaangen. Hien huet versprach, dat Bewegung an deen Dossier komme soll (Wat och geschitt ass!).

Ofgeschloss gouf mat engem Éierewäin, dee vun der Gemeng Klierf offréiert ginn ass, a mat engem gudden Maufel, wou alleguer déi, déi wou do waren nach e puer gemittlech Stonne zesumme verbruecht hunn.